



an och e ganze Koup vun eisen aneren europäesche Partner sinn hei engagéiert. Mir sinn op jidde Fall der Meenung, dass déi ronn 30 Milliounen Euro, déi hei iwwert déi nächst Jore bei der BAD indirekt oder direkt engagéiert ginn, e weidere Baustee sinn, fir eng kohärent Kooperationspolitik ze maachen. An ech ginn dann och domadder hei den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hansen. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen ageschriwwen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll och vun eiser Säit aus der Kolleegin Viviane Loschetter Merci soen, déi souwuel an der Kommissioun wéi och haut hei an der Plénière eis an allen Detailer dëse Projet virgedroen an erklärt huet.

Ech mengen, mir als ADR wäerte selbstverständlech och dësem Projet zoustëmmen. Et ass e wichtege Projet, well mer als Lëtzebuerger Land do der Banque africaine de développement BAD bäitrieden an domadder och iwwert dee Wee eise Beitrag zur Entwécklungshëllef leeschten. Mir wëssen alleguer, datt d'Zil vun der BAD d'ekonomesch Entwécklung an den afrikanesche Staten an d'Bekämpfung vun der Aarmut ass, an dat duerch eng nohalteg Politik.

Déi 30 Milliounen, déi mer hei investéieren, déi ginn eiser Entwécklungshëllef ugerechent an déi wäerten dann, iwwer zéng Joer verdeelt, bezuelt ginn.

Wann ech soen, datt mer dat als positiv gesinn an datt mer dee Projet och wäerte stëmmen, wëll ech awer net hei verkennen, datt mer net direkt mam Projet - duerfir stëmmen mir jo och de Projet -, awer insgesamt e Problem hunn, wat d'Berechnungsbasis ubelaangt. Ech mengen, mir hunn och viru Kuerzem hei an der Chamber, wéi mer eng Kapitalerhéijung vum FMI, vum Fonds Monétaire International, hei diskutéiert hunn, schonn déi Remarque gemaach, datt mer soen, datt eise Betrag, dee mir un den FMI bezuelen, datt deen eiser Meenung no méi héich ass, oder ze héich ass am Verhältnis zu anere Länner. En ass dat Dräi-, Véierfacht méi héich pro Kapp wéi dat, wat d'Nopeschlänner bezuelen!

Et ass eis kloer gesot ginn, datt dat opgrond vun enger Berechnungsbasis ass, déi bei der Grënnung vum FMI zesummegezat ginn ass, an datt de Finanzsektor vu Lëtzebuerg, deen hei am Land esou eng grouss Importenz huet, datt dee méi staark gewiichteg an där Berechnung dran ass an datt duerfir Lëtzebuerg ebe muss méi bezuelen. Mä mir hunn awer och kloer gesot, datt also an Zäiten, wou de Statsbudget méi serréiert ass, datt et do wichteg wier, datt een déi international Participatioun vu Lëtzebuerg, déi eiser Meenung no deelweis ze héich sinn, géif erëm eng Kéier iwwerdenken, quitte wëssend, datt et schwéier ass beim FMI, un deem Schlëssel eppes ze änneren, well et do eng Mass vu Länner sinn, déi mussen domat d'accord sinn.

Dat Zweet, wou mer e Problem hunn - trotzdem stëmmen mer et awer, wéi gesot -, dat ass, wa mer erëm hei en Deel Souveränitätsrechter ofginn, wat och doduerch dokumentéiert gëtt, datt mer et musse mat enger qualifizierter Majoritéit hei am Parlament stëmmen.

Dat sinn zwee Punkten, déi vun eis aus eng Kritik gebraucht hunn an déi mer hei hu misse maachen, mä déi direkt mam Zil vum Projet, en Zil, wat mer begrëssen, näischt ze dinn huet. An duerfir, wéi gesot, bréngen ech d'Zoustëmmung vun eisem Grupp fir dëse Projet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. D'Entwécklung vun Afrika ass eng Saach, déi eis ganz um Häerz läit. Et ass e Kontinent, deen ee vun deenen ass, déi nach net genuch entwéckelt sinn a wou nach ganz vill ze maache wier. Wa mer trotzdem hei deem Projet net kënnen eis Zoustëmmung ginn, dann ass et sécher net aus Souveränitätsgrënn, well mer do iergendwellech Souveränitätsrechter géifen opginn. Bien au contraire! Et ass wichteg, mengen ech, fir d'Zil ze hunn, engem Kontinent ze hëllefen, sech ze entwéckelen, et ass och wichteg, eege Souveränitätsrechter opzeginn, wann et noutwendeg ass, an esou engem internationalen Traitéi bäitrieden an och ze hëllefen, do ze investéieren.

Et ass just d'Fro gestallt, eiser Meenung no, ob dat Zil heimat erreicht ka ginn. An ech beruffe mech do op en Artikel, dee verëffentlecht ginn ass an der Zäitschrëft „Brennpunkt“ vun der ASTM, vun der Association Solidarité Tiers Monde, deen do ganz kritesch ass, dee seet, dat wier am Fong geholl eng Kooperationspolitik aus dem Finanzministère. Et ass jo déposéiert ginn och vum fréiere Finanzminister, dem Här Frieden, deen och hei positiv natierlech sech dozou geüssert huet.

Mä déi Kritiken, déi an deem Artikel gemaach ginn, sinn am Fong geholl déi, dass se net am Sënn vun enger Kooperationspolitik am eigentleche Sënn ze gesinn ass, mä dass et éischter et am Intérêt ass vu grouse Firmen aus deene Länner, déi déi Verträge hei ënnerschreiwen. Déi profitéiere vun esou enger Investitiounspolitik, an dee Return on investment, vun deem, mengen ech, den Här Frieden geschwat huet, deen ass reell. Dat heescht, fir all Euro, deen do dragestach gëtt, kommen esou vill Euro erëm zrëck.

Duerfir ass et och zweifelhaft, fir dat iwwerhaupt zur Kooperationspolitik derzouzurechnen. Et gëtt an deem Artikel eng Schwäizer ONG zitéiert, Déclaration de Berne, déi gesot huet, dass déi Projeten dacks esou konzipéiert sinn, dass nëmme grouss Firmen dovun profitéiere kënnen, dass den Notze fir déi lokal Wirtschaft kleng ass an dass déi aarm Bevëlkerschicht kaum dovun profitéieren.

Et ass och nach gesot ginn, dass d'Entwécklungspolitik zu Lëtzebuerg insgesamt kleng gehale gëtt, dass versicht gëtt, net iwwert deen 1% ze kommen, dass do „fieberhaft Einsparungen“ géife bei der Kooperationspolitik gemaach ginn. Ech zitéieren aus deem Artikel hei. An et gëtt gesot, wann et am Regierungsprogramm géif heeschen, dass d'Kooperation mat den internationalen Organisatiounen soll op hir Effektivitéit ënnersicht ginn, dass am Fong geholl d'Chamber misst deen Traitéi hei oflehen, well en am Fong geholl net dem eigentleche Sënn vun der Kooperationspolitik entsprécht, mä éischter am Interessi vun deene groussen internationale Multien ass, déi haaptsächlech dovun profitéiere wäerten. Dat ass eng UrSaach, firwat mir dee Projet hei net kënnen esou stëmmen.

► **M. le Président.** - Entschëllegt, Här Urbany,...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Den Här Angel wëllt mer eng Fro stellen.

► **M. le Président.** - ...erlaabt Der, dass den Här Angel Iech eng Fro stellt?

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här Urbany, ech weess, dass Är Partei net vertraueden ass an der aussepolitichescher Kommissioun, déi sech och beschäftegt mat Froen vun Entwécklungshëllef, an ech froen Iech, ob Der vläicht de Rapport gelies huet vun där Sitzung, wou mer den Entwécklungsminister, de Romain Schneider, an der Kommissioun haten, wéi en och de Regierungsprogramm virgestallt huet a wou e ganz kloer gesot huet - an duerfir soen ech dat -, dass net gespuert gëtt bei der Entwécklungspolitik, wou e ganz kloer gesot huet, dass mer dat Zil behalen.

An ech wollt Iech och froen, ob Der vläicht wësst, dass et e Comité interministériel gëtt, dee geleet gëtt am Ministère vun der Direktesch vun deem Ministère, wou natierlech och e Responsabel vum Finanzministère dran ass, an do ginn déi Froen all diskutéiert. An do gëtt derfir gesuergt, an dat huet déi Direktesch mer och gesot, dass alles an enger Vue vun Entwécklungspolitik gemaach gëtt.

Ech wollt Iech dat just soen. Liest dee Rapport no, da wësst Der, dass munches, wat an deem Artikel steet, vläicht net grad esou der Realitéit entsprécht, wéi et dosteet.

Merci.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Et steet jo net hei dran, et géif gekuckt ginn, ënnert déi 1%-Hürd do ze kommen. Mä et gëtt gesot, et géif alles versicht ginn - an dat steet enditeg hei dran -, fir net iwwer 1% Entwécklungshëllef am Budget ze kommen. Dat heescht, wann ech dat, esou wéi ech dat interpretéieren, gëtt et Besoinen, fir do driwwerzekommen. Et gi Projeten hei zesummegestrach: „Multilaterale Kontrakte werden revidiert, administrative Kosten gesenkt sowie LuxDev und die ONGs zu Einsparungen aufgefordert“. Dat steet awer ganz däitlech hei dran, ënnert der Handschrëft vu Leit, déi Spezialisten op deem Gebitt do sinn an deenen ech dann emol a priori muss gleewen, wann ech esou eppes liesen.

Ech fäerten, dass hei vill ze vill Kooperationspolitik dem Finanzminister ënnergeuerdnet gëtt an dass et hei eigentlech guer net méi ëm Entwécklungspolitik a Kooperationspolitik am eigentleche Sënn sech dréint. Dat ass eng UrSaach, firwat mir dee Projet hei op jidde Fall net kënnen stëmmen. Mir wäerten eis enthalen dobäi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. D'Riednerlëscht wär um Enn, an ech géif dann d'Wuert weiderginn un d'Regierung. Den Här Finanzminister huet d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech géif gär fir d'Éischt emol der Rapportrice Viviane Loschetter Merci soe fir dee ganz gudden Rapport an och fir déi Presentatioun hei an der Chamber. Ech freeë mech och, dass d'Fraktiounen allegueren dee Projet hei wäerten ënnerstëtzen. Ech mengen, dass et e ganz gudden Rapport ass, deen d'Visibilitéit vu Lëtzebuerg an Afrika wäert no uewe schrauwen.

Ech wollt eng kleng Prezisioun ginn zum Montant, wat och nach net erklärt ginn ass: Am Projet initial, deen d'lescht Joer déposéiert gi war, war vu 26 Milliounen Euro geschwat ginn, an haut sinn et der 30. Dat ass haaptsächlech drop zrëckzeféieren, dass d'Droits de tirage spéciaux evoluéiert hunn an dass dann dofir déi Adaptatioun huet misse gemaach ginn.

Wat elo d'Imputatioun vun deene Gelder ubelaangt, déi hei virgesi sinn, wëll ech effektiv nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Paiementer souwuel fir d'Banque africaine de développement wéi och de Fonds africain de développement op aacht Joer wäerte gestreckt ginn. Ech wëll och do elo eng Prezisioun ginn. Mir wäerten dat Ganz dann ëm e Joer décaléieren; well déi Fro jo och vun der Rapportrice gestallt gi war. Dat schéngt mer dat Gesondst an dat Richtegst ze si par rapport zu de Budgetsregelen. A mir wäerten dat an der Enveloppe vun 1% Revenu national brut par rapport zu eiser Entwécklungshëllef maachen.

Well och dat ugeschwat ginn ass, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass de Finanzministère an der Aide au développement de Juniorpartner ass, an en ass och zefridden, de Juniorpartner ze sinn. Mir finanzéieren als Finanzministère ongeféier 10% vun der Entwécklungshëllef, an dat ass en fait doduerch ze justifizéieren, dass de Finanzministère zoustänneg ass fir d'Institutions financières internationales. A fir do déi Kohärenz ze behalen, fannen ech et eng gesond Saach, dass dat esou opgedeelt ass. Mä mir sinn de Juniorpartner. Et ass de Ministère de la Coopération, deen d'Strategie festsetzt an deen d'Haaptsachen huet, mä natierlech geschitt dat an Ofsprooch mat ons.

Ech mengen, dass duerch déi Memberschaft, déi mer elo hei ustriewen, eis Visibilitéit um afrikanesche Kontinent nach méi grouss gëtt. Dir wësst, dass mer a sechs Länner aktiv sinn an der Aide au développement, dat si mat déi ärmste Länner, déi et op der Welt gëtt. A mir solle roueg stolz sinn, dass mer deenen hëllefen. Mä doduerch, dass mer hei elo Member ginn, mengen ech, kënnen mer déi Hëllef méi effikass gestalten. Doriwwer solle mer eis freeën. An ech mengen och, dass mer doduerch, dass mer hei Member ginn an der Banque africaine de développement an dem Fonds africain de développement, och méi Kohärenz an eis Politik kréien.

Ech wëll och soen, dass et net total onwichtig ass a soll verschrieë sinn, dass eis Entreprisë sollen associéiert sinn, wann dat ka gemaach ginn. Déi meescht Länner op der Welt maachen dat systematesch. Mir si scho wierklech Puristen an deem Domän. A wa mer hei iwwert déi Memberschaft kënnen eisen Entreprisë ganz e bëssen op deene Marchéen Dieren opmaachen, ech mengen, dat ka kengem schueden.

Dofir, mengen ech, freet sech d'Regierung, dass esou vill Zoustëmmung zu dësem Projet ginn ass.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Finanzminister. Domat wäre mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert de Projet 6582 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6582 et dispense du second vote constitutionnel

Ech wëll Iech nach eng Kéier drun erënneren, dass eng Zweek-Drëttel-Majoritéit erfuerdert ass an dass et bei dësem Projet keng Votes par procuration gëtt.

Ech lancéieren de Vote. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Da schléissen ech de Vote of.

55 Deputéiert waren hei. 53 hunn um Vote deelgeholl: 51-mol Jo an 2 Abstentionen.

Ech mengen, bei mengem Vote war e Problem. Et kënnt net oft vir, mä et kënnt vir.

Domat wär de Projet 6582 gestëmmt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme

Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexandre Krieps et Edy Mertens;

M. Claude Adam, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif Iech froen, ob Der domat d'accord sidd, fir e vum zweete verfassungsméisseg Vote ze entbannen?

(Assentiment)

Merci villmools.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6551, eng Ofännerung vun eisem Steiergesetz. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Roth a Reding. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madame Elvinger. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

6. 6551 - Projet de loi visant l'adaptation de certaines dispositions en matière d'impôts indirects et portant modification:

- de la loi modifiée du 28 janvier 1948 tendant à assurer la juste et exacte perception des droits d'enregistrement et de succession;

- de la loi modifiée du 13 juin 1984 portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement;

- de la loi organique de l'enregistrement du 22 frimaire an VII;

- de la loi organique du timbre du 13 brumaire an VII;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1913 concernant la révision de la législation qui régit les impôts dont le recouvrement est attribué à l'administration de l'enregistrement et des domaines

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, de 7. März 2013 ass de Projet de loi 6551 vum deemolege Finanzminister Luc Frieden deposéiert ginn. Um Text vum Projet de loi waren en Exposé des motifs, e Commentaire des articles an eng Fiche financière annexéiert. D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Métiers hunn hiren Avis zu dësem Projet de loi ofginn.

D'Chamber gouf den 28. Mee 2013 mat engem Regierungsamendement saiséiert, op deen ech duerno nach zrëckkomme wäert. Mir kruten du complémentaire Avis vum der Chambre des Salariés, der Chambre de Commerce, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics.

De Statsrot huet säin Avis zum Projet de loi an zum Regierungsamendement den 22. Oktober 2013 ofginn. Den Avis vum Statsrot war duerchaus positiv an de Statsrot huet och keng substanzuell Ännerunge gefrot. Déi redaktionell Modifikatiounen, déi de Statsrot proposéiert huet, sinn all vun der Kommissioun ugehall ginn, mat Ausnahm vum Titel vun zwee Gesetzer am Intitulé vum Projet de loi an an den neien Artikelen 3, 5 a 6.

Den 28. Januar 2014 sinn ech an der Finanz- a Budgetskommissioun Rapporteur vun dësem Projet de loi genannt ginn. Während dëselwechter Sëtzung huet d'Finanzkommissioun de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert. De Rapport ass an der Sëtzung vum 25. Februar 2014 à l'unanimité mat Ausnahm vun enger Enthaltung ugehall ginn.

De Projet de loi 6551 schreift sech ganz kloer an de Kader vun enger Simplification administrative an. Et geet hei ëm d'Chancelleriestimber, déi een ënner anerem brauch fir d'Immatriculatioun vun engem Auto, de Führerschäin, eng Handelsmächtigung oder d'Verlängerung



zung vum Permis de pêche an déi scho längst net méi zäitgeméiss sinn.

Dëse Projet de loi erméiglecht et, déi Droits de chancellerie an Zukunft iwwer Virement oder Versement ze bezuelen, sou dass de Bierger sech net méi muss physesch an de Büro vum Enregistrement déplacéieren, fir säin Timber ze kafen. Heivu sinn all Taxe beträff, déi mat Chancelleriestimbre bezuelt ginn. Doduerch, dass de Bierger déi obligatoresch Informatioun ugëtt iwwert den Objet vum Paiement an d'Persoun, fir déi de Paiement gemaach gëtt, ass de Risiko vun enger Fälschung hei ganz geréng.

D'Zommen, déi fir déi verschidden Taxe bezuelt ginn, ginn och op engem spezifesch Kont regroupéiert, wou duerch d'Informatioun eng ganz einfach a séier Recherche wäert méiglech sinn.

Et ass momentan aus praktesche Grënn och nach net virgesinn, de materielle Chancelleriestimbre ofzeschaffen. Esou behält de Bierger d'Wiel, ob hie sech wëllt op de Büro vum Enregistrement déplacéieren, fir säin Timber selwer kafen ze goen, oder ob en déi entspreichend Tax einfach wëllt iwwer Virement oder Versement bezuelen.

Den zweeten Artikel vum Projet de loi dréit zur Verstärkung vun der Lutte géint d'Steierhannerzëiung bäi a verstärkt esou d'Kontroll vum Enregistrement am Niveau vun den Droiten, déi bezuelt ginn am Kader vun engem Akt bei enger Mutatioun vun Immobilien oder engem Acte de bail.

De Projet de loi 6551 gesäit dofir elo Sanktiounen vir am Fall, wou den Intermédiaire, also den Immobilienhändler, seng Obligatioun, déi schonn duerch e Gesetz vun 1948 virgesi war, net respektéiert, eng Attestatioun ze hannerleeën, an där hie bestätegt, dass de Präis, deem dem Enregistrement uginn ass, de reelle Präis ass, deem och beim Akt bezuelt ginn ass.

Et handelt sech hei ëm eng Amende administrative vu 25 bis 1.250 Euro, déi vum Direkter vum Enregistrement gesprach gëtt a géint déi dann och e Recours méiglech ass. Dës Dispositioun ass ënner anerem doduerch berechtegt, dass d'Zuel vun den Intermédiairen a vun den Immobilientransaktiounen säit 1948 stänneg an d'Luucht gaangen ass an doduerch eng Verbesserung vun der Effikassitéit vun der Kontroll vum Enregistrement néideg ginn ass.

Fir d'Aarbecht vun de Greffieren um Geriicht a vun de Gemengesekretären ze vereinfachen, ginn d'Répertoiren ofgeschafft, an déi si hu misse sämtlech Akten iwwert d'Mutatioun vun Immobilien a Bailen androen. Well d'Inscriptioun vun dësen Akte beim Enregistrement souwiso obligatoresch ass an déi zousätzlech Regëstere souwiso näischt zur Kontroll vum Enregistrement bäigedroen hunn, gi si als iwwerflësseg betruecht an dofir dann och ofgeschafft.

De Projet de loi erméiglecht et awer och den Notairen an den Dierwiechter, fir hir Répertoiren an Zukunft ënner elektronischer Form ze féieren. D'Detailer vun dësen elektronische Répertoire müssen allerdéngs iwwer e Règlement grand-ducal nach geregelt ginn.

Duerch de Regierungsamendement vun 28. Mee 2013, also den neien Artikel 7 vun dësem Gesetz, gëtt der Liewenserwaardung an der Evaluatioun vun der Valeur vum Widdem Rechnung gedroen. Et geet hei ëm d'Liquidatioun an d'Bezuele vun den Droits d'enregistrement am Ierfschaftsrecht.

D'Evolutioun vun der Liewenserwaardung iwwert déi lescht Jorzéngten erfuerdert eng Mise à jour vun der Evaluatioun vun der Valeur vum Usufruit viager an der Perception vun den Droits d'enregistrement am Kader vun den Droits de succession.

D'Evaluatioun vum Widdem gëtt op Basis vum Alter vum Usufruitier festgeluecht, mat enger progressiver Diminutioun vun der Valeur, wat den Alter méi héich gëtt. Dës Evaluatiounsmethod gëtt säit 1913 benotzt bei Mutatiounen, Tauschakten an Ierfschaften.

Bis elo war et esou, dass déi Tabell beim Alter vum Widdem vun iwwer 70 Joer mat enger Valeur vum Usufruit vun engem Zéngtel vun der Pleine propriété opgehale huet. Déi nei Tabell fänkt elo u mat enger Valeur vum Usufruit vun néng Zéngtel vum Wäert vun der Gesamtpropriétéit fir de Widdem, dee manner wéi 20 Joer huet, a geet dann erof bis op d'Valeur vun engem Zéngtel vun der Pleine propriété fir de Widdem, deem iwwer 90 Joer al ass.

An Zukunft gëllt dës Tabell dann net nëmme fir den Usufruit, mä och fir d'Wunnrecht, de sougenannten Droit d'habitation, an d'Notzungsrecht, also den Droit d'usage.

Well d'Wunnrecht an d'Notzungsrecht dem Titulaire vun deem Recht awer manner Rechter ginn, wéi dat beim classesche Widdem, also beim Usufruit, de Fall ass, gëtt d'Valeur dovun op 60% vun der Valeur vum Usufruit, dat heescht een Zéngtel manner wéi d'Valeur vum Usufruit, festgeluecht.

Dësen Artikel huet eng reng fiskal Portée an huet also keen Afloss op d'Liberté contractuelle tëscht de Parteien.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn an hire respektiven Avisa leider bedauert, dass de Projet de Règlement grand-ducal iwwert d'Exekutionsmesurë vum Bezuelen iwwer Virement oder Versement vun den Taxen dem Projet de loi net bäigefügt war. Mä d'Chambre des Fonctionnaires huet et awer ausdrécklech begréisst, dass déi Répertoire sollen ofgeschafft ginn, well se net méi zäitgeméiss waren a keng Valeur ajoutée bréngen an d'Perception vun den Droits proportionnels souwiso strikten Délaien ënnerläit.

Zum Ofschloss géif ech dann och nach den Accord vun der DP-Fraktioun ginn zu dësem Projet de loi an nach eemol betounen, dass d'DP et ausdrécklech begréisst, dass hei e weidere Schrëtt a Richtung vun enger Simplification administrative ënnerholl gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Rapportrice. Den Här Roth huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Ech soe selbstverständlech am Numm vun der CSV-Fraktioun der Madame Joëlle Elvinger Merci fir hire mëndlechen an och schrëftleche Bericht.

Dëse Projet, si huet dat ënnerstrach, dee gouf nach vum fréier Finanzminister Luc Frieden déposéiert. E schreift sech och an an eng administrativ Vereinfachung a virun allem och an de Sënn bei Immobilientransaktiounen vu méi enger grousser SteiERGerechtgeket, wou an Zukunft och, wéi d'Madame Elvinger dat ënnerstrach huet, déi Immobilienagenten, déi also als Intermédiaire fungéieren, müssen derzou bäidroen.

Ech mengen, dat Lescht, wat se gesot huet, dat geet iwwert d'Evaluatioun vun dem Widdem: Dat ass richtig, well d'Liewenserwaardung natierlech haut eng ganz aner ass wéi 1913.

Et muss een awer och dem Bierger dobausse matdeelen, dass dat eng Inzidenz huet, wann notament d'Communautés de mariage an Zukunft liquidéiert ginn, well da bei der Berechnung fir dee Conjoint, deem optéiert fir de Widdem op dem gemeinsamen Haus, natierlech méi héich Enregistrementskäschten ufalen, besonnesch wa jonk Koppele gescheet ginn.

Fir de Rescht gi mer selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Roth. Als nächste kritt den Här Haagen d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Merci, Här President. Am Numm vun der LSAP-Fraktioun géif ech och gär der Madame Elvinger Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Deem ass näischt derbäizefügen an ech géif och den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Haagen. Dann huet d'Wuert d'Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Vu mir och, Här President, am Numm vun der grénger Fraktioun e grouse Merci un d'Madame Elvinger fir hire mëndleche Rapport haut an och fir hire schrëftleche Rapport, dee se ons an der Kommissioun presentéiert huet. An domadder ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. le Président.** - Merci villmools. Dann als leschte Riedner den Här Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kollegeen, dat heiten ass en ausseruerdentlech schlecht Gesetz. Et ass e Wollef am Schofspelz. Mir héieren „simplification adminis-

trative“, an do si mer all dermat d'accord. Mir héieren „Ofschaffung vu Regëstere, déi double Emploi maachen“, mir sinn d'accord. Mir héieren „Aféierung vun engem Répertoire informatique fir d'Notairen“, mir sinn d'accord. Alles dat war wonnerbar bis zu engem groen Dag, den 28. Mee 2013, wéi den Här Frieden gemengt huet, e misst d'Steieren erhéijen. Well wat hei esou harmlos kléngt, huet eng risen Inzidenz op d'Leit.

Kommt, mir huele fir d'Éischt emol den Usufruit, de Widdem. D'Propriétéit gëtt jo an den Usus, de Fructus an den Abusus opgedeelt. De Widdem, wat ass de Widdem? De Widdem heescht: Ech ka selwer deem Immeuble notzen. Ech kann en awer och verlounen a vum Loyer profitéieren.

Dat ass evaluéiert ginn, bis elo, op Basis vun enger Tabell vun Zéngtel, wéi d'Madame Elvinger ganz richtig gesot huet, déi opgehale huet bei 70 Joer. Wann ech also 70 Joer al war an ech krut de Widdem op engem Haus geschenkt oder ech hunn e kaaft, dann ass dat enregistrementsméisseg op een Zéngtel vun där Valeur evaluéiert ginn.

Mat deem neien Text sinn dat elo dräi Zéngtel. Elo kréie mer esou harmlos gesot, den Här Roth seet: „Jo, d'Liewenserwaardung ass eropgaangen.“ Jo, d'Liewenserwaardung ass eropgaangen. D'Liewenserwaardung war - an ech zitéieren elo de Statec, 7. November 2013, dat heescht extrem rezent Zuelen - hei zu Lëtzebuerg bei engem Mann bei 79,5 a bei enger Fra bei 85 Joer. E Mann vun 80 Joer muss haut - deem also lieWenserwaardungsméisseg dout ass - elo op zwee Zéngtel vun der Valeur vun deem Immeuble, wou en de Widdem kritt, Enregistrement bezuelen. Dat ass extrem héich!

Wann zum Beispill eng Persoun hirer Frëndin oder hirem Frënd, dee 60 Joer al ass, de Widdem op engem Haus schenkt oder cédéiert, wat 800.000 Euro wäert ass, dat ware bis elo zwee Zéngtel vun där Valeur. Dat sinn elo véier Zéngtel vun där Valeur. Véier Zéngtel sinn 320.000 Euro. 7% Mutatioun an Transcription, Enregistrement dorobber: sinn 22.400 Euro. Bis elo huet déi Persoun missen 11.200 Euro bezuelen. Mir hunn also d'Steieren, den Enregistrement op esou enger Transaktioun, wann Der elo dat Gesetz hei stëmmt, verduebelt!

(Interruption)

Jo. Et war den Här Frieden. Mä déi nei Majoritéit - ech wonnere mech -, déi eigentlech keng nei Steiere sollt aféieren, oder wollt aféieren, hätt dat hei kënne ganz liicht nees eraushuelen. Et ass bedauerlech!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Nach méi schlimmer ass et, wat den Droit d'habitation ugeet. Den Droit d'habitation, op deem war bis elo keen Enregistrement. Null, näischt! Wat och richtig ass, well den Droit d'habitation, am Contraire zum Widdem, ass eppes, wat ech net kann engem verkafen oder engem cédéieren. En Droit d'habitation ass e perséinlecht Recht. Mäi Widdem kann ech engem verkafen oder cédéieren. En erläscht mat mengem Doud, mä ech kann engem e ginn.

Mäin Droit d'habitation, dee muss ech selwer exercéieren. En ass par essence personnel. En ass prekär an deem Sënn, datt en dee Moment, wou ech erausplënnere, erläscht. Et ass also eng Valeur, déi, contrairement zum Widdem, guer net patrimonial déi Valeur huet wéi e Widdem, wéi en Usufruit.

Dee gëtt elo an Zukunft besteiert mat 60% vun deem, wat ee misst bezuelen, wann een de Widdem kréich. Ech huelen also mäi selwechte Frënd oder Frëndin vu 60 Joer, där ech de Widdem ginn oder cédéieren. Mä déi Kéier dann net de Widdem, mä nëmmen en einfachen Droit d'habitation. Déi ass also 60 Joer al. Mir hunn nach ëmmer dat Haus vun 800.000 Euro. Véier Zéngtel sinn 320.000 Euro. Dovunner 60% sinn 192.000 Euro. Dorobber 7%, déi de Stat an Zukunft kasséiert: Dat sinn 13.440 Euro, amplatz bis elo null!

Ech kann also just de Bierger dobaussen oprufen, wann en nach wëllt en Droit d'habitation engem cédéieren, dat ganz schnell ze maachen, éier dat ongléckséilegt Gesetz hei a Kraaft trëtt.

Dat heiten ass also kee Projet de simplification administrative. Dat heiten ass e Projet d'augmentation et de création d'impôt, an duerrfir wäert meng Fraktioun dergéint stëmmen!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Reding. Domat ass d'Diskussionsronn ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Den Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech géif gäre fir d'Éischt der Madame

Joëlle Elvinger Merci soe fir hire schrëftlechen an orale Bericht hei, mech och freeën iwwert de positiven Avis vom Conseil d'État. A vu dass jo och eng Unanimitéit an der Kommissioun war, fënnt een och hei eng grouss Zoustëmmung, déi mech freet.

Ech wëll net laang iwwert dee Projet hei schwätzen, well ech mengen, e schwätzt fir sech selwer. Et ass e Projet, deem d'Simplification administrative illustréiert op vill Aart a Weisen, andeem en eng ganz veraalt Method, Steieren anzehuelen eben iwwert den Droit de timbre, ofschafft an dass een dat elo kann iwwer Virement bancaire maachen. Dat liicht engem an, dass dat eng grouss Simplification administrative ass.

Et ass awer och e Projet, dee fir d'Effikassitéit gutt ass, nämlech doduerch, dass d'Kontrolle bei der Mutatioun verstärkt ginn. Eng Kontroll, déi mat sech bréngt, dass d'Regelen, déi scho méi laang bestinn, wäerten agehale ginn. An och eng méi grouss Effikassitéit doduerch, dass d'Regëstere, déi déi Droits de timbre hu misse sorgfältig zesummenzielen, ofgeschafft ginn.

E leschte Punkt, deem elo zwar contestéiert ginn ass vum leschten Deputéierten: Ech fanne, dass et awer ganz normal ass, dass een d'Législatioun un d'Liewenserwaardung vun de Leit upasst, an dat gëtt hei gemaach. Dat ass eng Modernisatioun vun eiser Législatioun. Dofir freeën ech mech, dass dës Législatioun esou vill Zoustëmmung hei am Sall fënnt.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6551 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun.

De Vote ass ofgeschloss. 60 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl. 55-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat wär de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden (Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif d'Chamber froen, ob se de Projet dispenséiert vum zweete verfassungsméisseg Vote.

(Assentiment)

Dat ass esou. Dann ass dat och esou décidéiert.

Mir géifen dann zu eise nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6632, eng Direktiv iwwert déi administrativ Kooperatioun am Steuerberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo als Riedner age-droen: den Här Frieden an d'Madame Elvinger. A fir unzefänken huet de Rapporteur, den Här Claude Haagen, d'Wuert.

